

duerfir soen ech dat och scho fir deen nächste Projet: Et ass u sech d'Modernisatioun, d'Kompetitivitéit, mä enner seriöser Kontroll.

Et ass fir Lëtzebuerg extrem wichtig, dass mer dat matmaachen, duerfir wäert d'DP dësse Projet voll ënnerstëtzen.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Den Här Urbany huet d'Wuert.

M. Serge Urbany (déi Lénk). - Dir Dammen an Dir Hären, Dir wäert jo elo net erwaarden, dass ech soen, ech wär d'accord mat dësem Projet.

(Brouhaha général)

Esou wéi ech mech ëmmer hei verwiere géint d'Privatiséierungen, déi um nationale Plang geschéien, sinn ech selbstverständlech och géint d'Privatiséierungen um internationalen Plang, ëmsou méi well et sech jo hei ëm Froen vum enger entscheidender Wichtigkeet an enger ganz grousser, planetarer Dimensionsion handelt.

Et geet hei ëm näischt anescht, wéi ëm de fräien Zougang zu der Kultur an zu der Informatioun. Och wat d'Inhalter vun der Kultur a vun der Informatioun ugeet, gëtt et jo eng ganz grouss Privatiséierungswell. Déi gréisst transnational Gruppe sinn op deem Terrain tätig. Ech sinn e groussen Unhänger vun der Konkurrenz vun den Iddien a vun de kulturellen Ausdrucksformen, mä ech sinn awer grad esou der Meenung, dass déi Konkurrenz, déi hei gemengt ass, d'Konkurrenz vum Geld, net dozou féiere wäert.

Wien dorunner nach Zweifel huet, soll emol eng Käier owes „erëmzappen“ tëscht deene verschiddene private Chaïnen a Programmer, déi eis ugebuede ginn, da wäert hie ganz séier feststellen, wat fir eng erschreckend Inhaltslosigkeit a wat fir eng Uniformitéit vun Informatiounen a vu sou genannter Kultur op deene Chaïnen ugebuede gëtt. Dat sinn déi eigentlech Froen, déi sech hei an deem Zesammenhang stellen. Ech si selbstverständlech géint dëst Gesetz.

M. le Président. - D'Wuert huet elo den Här Fernand Greisen.

M. Fernand Greisen (ADR). - Här President, am Contraire zu mengem Virriedner wëll ech hei den Accord vu menger Fraktioun bréngen.

Merci.

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Minister François Biltgen.

M. François Biltgen, Ministre délégué aux Communications. - Här President, den Accord INTELSAT ass e bëssen ze vergläiche mam Accord EUTELSAT, deen duerno kënnt. Et hätt ee kënnen eng gesamt Diskussioun maachen, duerfir wollt ech e puer Wuert méi soen herno bei EUTELSAT, well méi dozou vun eis ze soen ass.

De Rapporteur, den Här Halsdorf, ass op Problemer agaangen, déi de Statsrot opgeworf huet. Léisunge si virgeschloe ginn. Ech géif mengen, opgrond vun deenen Aussoe sollt Dir dësen Accord stëmmen.

M. le Président. - D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4912 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo iwwer de virleiende Projet of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi 4912 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen an enger Neestëmm.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank (par M. Lucien Clement), M. Laurent Mosar, Mme Ferny Niklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par Mme Simone Beissel), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer (par M. Alex Krieps) et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par M. Jeannot Krecké), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch (par M. Robert Garcia), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira) et Mme Renée Wagener.

A voté non: M. Serge Urbany.

Ass d'Chamber d'accord fir d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mir zur Diskussioun vum Projet de loi 4786 iwwer den Accord EUTELSAT. Et sinn age-droe bis elo: d'Madame Delvaux, d'Madame Beissel an den Här Urbany. D'Wuert huet den honorablen Här Jean-Marie Halsdorf, deen de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Patrick Santer, ersetzt.

8. 4786 - Projet de loi portant approbation des Amendements au préambule, aux articles I; II; III; V; VI; VII; IX; X; XII; XIII; XIV; XV; XVI; XVII; XVIII; XXI et à l'annexe A de la Convention portant création de l'Organisation Européenne de Télécommunications par Satellite „EUTELSAT“ tels qu'ils ont été adoptés à la 26ème réunion de l'Assemblée des Parties à Cardiff, le 20 mai 1999

Rapport de la Commission des Média et des Communications

M. Jean-Marie Halsdorf (CSV), rapporteur en remplacement de M. Patrick Santer empêché. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, hei geet et drëm, de Projet 4786 iwwer d'Konventioun EUTELSAT, wou mir Amendementer kréien, ze verabschieden. Dat Ganz huet 19 Méint gedauert bis mir et haut hei fäerdeg bréngen.

Déi 26. Versammlung vun de Parteien huet de 25. Mee 1999 zu Cardiff/Wales Amendementer un

dësere Konventioun virgeholl. EUTELSAT gëtt ënnert de Contrôle vun enger Organisatioun zwëscht Regierung gesat an dat an engem kompetitiven Ëmfeld an Europa. Hei ginn d'Originen zréck op 1977, wou d'Société EUTELSAT éischter eng Coopérative de moyens war, dat heescht d'Signataires an d'Investisseurs hunn am Prorata konnten dorop zréckgräfen.

Eis Post war den 12. Investisseur a Benotzer mat 1,58%, wat 500 Milliounen al Lëtzebuurger Frangen ausmécht, dat heescht 12.394,676 Euro. De Chiffre d'affaires vun dëser Gesellschaft ass 1999 83% am Beräich vun Televisioun a vu Radio, wourun ee gesäit, wou de Point fort hei läit. Et geet drëm méi Flexibilitéit ze kréien, well eng Majoritéit, och wéi an deem Fall virdrun, vun zwee Drëttel vun enger Versammlung ass net optimal, fir gutt ze schaffen. D'Innovatioun gëtt domat och erëm zréckgesat. Et geet also drëm d'Kapassitéit vun dëser Organisatioun kompetitiv ze maachen, de Statut ze verännern, fir an eiser Informationsgesellschaft weiderzekommen an am Satellitewiesen nei Allianzen ze fannen an nei Filialen ze kréieren. Dat ass de But vun EUTELSAT.

D'Décisioun vu Cardiff ass déi, dass eng S.A., eng Société anonyme, vu franséischem Recht kreéiert gëtt. D'Aktionäre kënnen hei erweidert ginn, mä den initialen Aktionären hir legitim Interesse muss gewahrt bleiwen. Et gëtt Dispositiounen an de Statuten, déi déi néideg Garantie ginn, wa Wiessel an der Kontroll bei de bestehenden Aktionäre komme sollten. D'Regierung behalen also d'Iwwerwaachung vun de Basisprinzipien. Dat ass dat Wichtigst. Dat si véier Stéck:

1. den obligéierte Service public an de Service universel;
2. d'Satellitesystemer müssen eng paneuropäesch Deckung garantéieren;
3. et däerf keng Diskriminéierung ginn;
4. déi loyal Konkurrenz muss herrschen.

Et gëtt weider Obligatiounen, wat d'Kontinuitéit am internationale Recht ugeet, vun der Benotzung vun de Frequenzen an der Radiokommunikatioun. D'Revisioun vun der Konventioun ass geschitt iwwer en Arrangement, deen der Kommissioun virlung, deen also gewosst war. D'Revisioun vum de Missioun sinn déi, dass EUTELSAT als Fournisseur am Weltraum elo Prinzipien, Rechter an Obligatiounen huet, wat d'Benotzung vun de Frequenzen ugeet. Mir hunn also elo eng Reglementéierung am Radiokommunikationsberäich. Den Organe exécutif gëtt dirigéiert vun engem Secrétaire exécutif.

Ech wëll nach kuerz op den Avis vum Statsrot agoen. Den éischte Punkt, deen eis eppes ugeet, ass deen, dass festgestallt gëtt, dass eng Concurrence déloyale entsteet tëscht der EUTELSAT S.A. an der SES GLOBAL, am Besonneschen, wat d'Filière SES ASTRA ugeet, well d'EUTELSAT huet am Fong geholl Privilegien, déi d'SES net huet. D'SES muss eng Redevance bezuelen, wa se wëllen déi Lëtzebuurger Frequenze vu Satelliten benotzen, en plus kann EUTELSAT d'Fixatioun vun de Präisser vun dëse Kanäl och nach festleeën. SES huet sech awer net géint dës Konventioun ausgeschwat. Si si souguer der Meenung, dass heiderch eng gewëssen Transparenz an dësem Beräich optrëtt, wat am Interesse vu jiddferengem ass.

Zweetens, wat den Organe de contrôle ugeet, do stellt de Statsrot

fest, dass dës Solutioun, déi fonnt ginn ass, sécherlech iwwerraschend ass, well tatsächlech eng aner Form hätt kënne fonnt ginn, fir d'Iwwerwaachungsmissioun ze maachen. Déi hätt net onbedéngt missten eng Partie intégrante vun EUTELSAT S.A. sinn. De Statsrot mengt awer, dass am Fong geholl déi Organisatioun tëscht de Regierungen sech net mat de Problemer vun der normaler Surveillance, wéi se existéieren an enger Société anonyme, wäert mussen ofginn, sou dass dat vum Statsrot akzeptéiert gëtt.

Eng aner spezifesch Situatioun ass déi, dass d'Parteien kënnen d'Konventioun opléisen, déiselwech Konventioun, déi am Fong geholl dës Gesellschaft kreéiert huet.

(Coups de cloche de la Présidence)

Et ass kloer, dass eng Zweedrëttel-majoritéit hei gebraucht gëtt, wéi ech et gesot hunn. Wat d'Verfassung ugeet, dierft et och kee Problem sinn, well jo d'Chamber am Fong geholl hei en Accord de principe gëtt, fir dësen internationalen Traité conformément zu den Dispositiounen ëmzesetzen.

Wann natierlech, wéi ech virdru gesot hunn, hei e Changement geschitt géint de Wille vun eise Land mat enger Zweedrëttelmajoritéit, da stelle sech Froen am Kader vum Artikel 37 vun der Constitutioun. D'Konventioun EUTELSAT, déi mir haut hunn, ass och iwwer d'Lëtzebuurger Gesetzgeber an de leschte Jore verännert ginn. Dat hei si Prerogativen, géif ech mengen, déi net vun der Constitutioun a Fro gestallt ginn. De Statsrot stellt datselwech fest, dass heescht, dass et problematesch gëtt, wann en Amendement géif kommen, wou Lëtzebuerg net d'accord wär, wou Lëtzebuerg en negative Vote géif maachen. Da wäert mir nees am selwechte Fall, wéi bei der INTELSAT, dass heescht, entweder misste mir deen Amendement unhuelen oder mir missten eis aus der Organisatioun zréckzéien.

Dës Rapport huet eng Unanimitéit fonnt an der Kommissioun an ech géif lech dann och bieden dat heien ze stëmmen. Ech bréngen och an dësem Fall den Accord vun der CSV. Ech soen lech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet elo d'Madame Mady Delvaux.

Discussion générale

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP). - Här President, och zu dëser Konventioun kann ech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun bréngen.

Merci.

(Interruption sonore)

M. le Président. - Léif Kolleginnen a Kolleginnen, mir hate scho wéivillmol dee Problem do. Ech mengen, mir sollten eis virhuelen, dass mer an Zukunft keng Handye méi mat erabréngen oder, wann Der se mat erabréngt, dass se ausgeschalt sinn, esou dass ee keng Kommunikatiounen kann emfänken.

Mir fieren an eiser Aarbecht weider. D'Wuert kritt elo d'Mme Simone Beissel.

Mme Simone Beissel (DP). - Här President, esou wéi meng Virriedner wäert ech mech deem Projet ralliéieren a bréngen heimat den Accord vun der DP.

Merci.

M. le Président. - An den Här Urbany?

M. Serge Urbany (déi Lénk). - Och d'EUTELSAT soll an öffentlecher Hand bleiwen, fir e fräien an demokrateschen Zougank zur Informatioun ze garantéieren. Iwwregens ass op deem Plang hei Lëtzebuerg schon a gewëssene Moossen e Virreider

vun der Liberaliséierung gewiescht duerch d'SES.

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Fernand Greisen.

M. Fernand Greisen (ADR). - Jo, Här President, ech wëll just den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn.

M. le Président. - Den Här Minister Biltgen.

M. François Biltgen, Ministre délégué aux Communications. - Här President, deen EUTELSAT-Accord, deen huet laang Zäit gebraucht bis dass en ausgehandelt gouf, an et war och esou, dass d'Lëtzebuurger Regierung eigentlech ganz vill Bedenken hat zu deem, wat mir elo hei sollen an awer och mussen stëmmen.

Mir hunn eis esou laang wéi méiglech gewiert géint déi Struktur déi do ass, dass mer engersäits d'EUTELSAT privatiséieren, anersäits awer iwwer der EUTELSAT nach en Organ hunn, wat déiselwech staatsrechtlech, öffentlech rechtlech Privilegië behält, wéi virdrun d'EUTELSAT als Betrib hat, sou dass et zum Deel nëmmen eng hallef Liberaliséierung ass. Ech muss allerdéngs zouginn, dass et och vill Avisen zu där doter Fro gëtt, an dass keng besser Léisung erausgeschloe konnt ginn, wéi elo déi, déi eis virläit, och wa se eis als Lëtzebuurger Regierung bestëmmt net ze fridde stellt.

Et ass elo schonn hei ugeklungen, EUTELSAT ass och zum Deel e Konkurrent vun der SES, allerdéngs - an ech wëll do dem Här Halsdorf merci soe fir säin ausféierleche Bericht - natierlech ass et och do esou, dass et eng Partie Accorde gëtt. Ech mengen, wann elo d'Fro hei wär: Regierung sidd Der dann, well Der net richtig mat deem Text ze fridde sidd, deen erauskoum, der Meenung, Lëtzebuerg soll aus EUTELSAT erausgoen? Da soe mir ganz kloer Neen.

Et ass wichtig, dass mer an der EUTELSAT bleiwen, grad wéi et wichtig ass an der Intelsat ze bleiwen, och fir eng ganz Patie Kontakter um internationale Punkt ze hunn. An dann ass et esou, dass mer zwou Zorte vun Avantagen hunn. Deen een, op dee wëll ech net weider agoen, dass d'Post nach ëmmer een Deel vum Kapital hält. Dee kann d'Post verkafen, wa se eng Käier wëll verkafen. Deen aneren Deel, dat ass awer deen, dass Lëtzebuurger Firmen, an ech denken net nëmmen un d'SES, ech denken och do un d'Post, eng ganz Partie Accorde mat EUTELSAT hunn, wou se sech géigesäiteg hëllefen, wou se technesch Kooperatiounsaccorden hunn, sou dass fir eis, och wann den Text eis elo net grad esou schmaacht, et awer trotzdem ee Projet ass, dee mer gäre gestëmmt hätten, well et wichtig ass, dass mer an der EUTELSAT bleiwen.

Et ass och esou, dass mer awer dann nach ëmmer méi Transparenz hu wéi virdrun, wou EUTELSAT wierklech de Problem hat, dass et öffentlech rechtlech Privilegien hat, mä awer als Konkurrent opgetrueden ass, sou dass dat heite wierklech besser ass wéi näischt. Ech wär frou, wann d'Chamber haut och géif deen dote Projet stëmmen.

M. le Président. - D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4786 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet de loi sinn, stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi ass ugehall mat 55 Jo-Stëmmen an enger Nee-Stëmm.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Ady Jung), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Nico Loes), MM. Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par Mme Simone Beissel), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer (par M. Marco Schroell) et Théo Stendebach;

M. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jean-Pierre Klein), MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch (par M. Robert Garcia), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

A voté non: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir hate gëschter decidéiert, dass mer haut zréckkommen op d'Resolutiounen, déi jo vertaagt goufen. Et war gesot ginn, déi kéimen haut um véier Auer. Dat ass bal exakt. Nach véier Minutten.

Et sinn zwou Resolutiounen erakomm, eng vum Här Bausch an eng vum Här Lucien Weiler iwwert de Konvent.

Den Artikel 37 vum Chamberreglement gesäit vir, dass dem Auteur vun enger Resolutioun fënnef Minutte Riedezäit zur Verfügung stinn, de Fraktiounen an der Regierung ebenfalls fënnef Minutten, an der Sensibilité politique zwou Minutten.

Wie wëllt d'Wuert ergräifen? D'Mme Renée Wagener huet d'Wuert, an dann den Här Weiler.

9. Résolutions de M. François Bausch et de M. Lucien Weiler sur l'exécution de la décision du 15 mai 2002 de la Chambre des Députés d'instituer une convention sur l'avenir du Luxembourg

Mme Renée Wagener (DÉ GRÉNG). - Merci, Här President. D'Resolutioun Weiler vum 15. Mee 2002 huet am Fong déi Iddi vun deene Gréngen opgegraff, déi déi um Rentendéisch gemaach haten, fir een Zukunftskonvent an d'Liewen ze ruffen. Hien huet déi Iddi opgegraff a verfeinert an enger ganz expliziter Resolutioun, déi mir och begreist an ënnerstëtzt hunn.

Ech wëll dovunner just den Haaptinhalt zitieren, an zwar d'Chamber géif decidieren: „d'instituer une convention sur l'avenir du Luxembourg sous le patronage du Président de la Chambre des Députés et fonctionnant sous l'égide de la Chambre des Députés, de convier à cette convention les forces vives de la nation, des acteurs représentatifs de l'ensemble des intérêts et des aspirations de la société civile.“

Wéi mir déi Resolutioun gestëmmt hunn, ass et een zimlech grouss Konsens heibanne ginn. Et war just d'LSAP, déi sech enthalen huet, doniewent huet den Här Calmes dergéint gestëmmt an den Här Glesener an den Här Jung hu sech och enthalen. Et kann een also soen, dass mer e breede Konsens haten, an dass eigentlech déi Haaptfro, iwwert déi mir haut wahrscheinlech och nach eng Kéier wäerten diskutieren, deemools scho ganz präzis gekläert ginn ass, nämlech dass den Débat iwwert d'Zukunft vum Land sollt ënner der Autoritéit vun der Chamber stattfannen.

An där Resolutioun war och festgehale ginn, dass eng zweet Resolutioun sollt d'Kompositioun vun deem Konvent festhalen, an do waren eng Rei vu Préparatiounsarbechten, wou et am Fong zimlech kloer war, dass d'Conférence des Présidents déi misst an Ugrëff huelen.

Dofir hu mir och den 11. Juli, well net ganz vill passéiert ass, e Bréif gemaach, wou mer nach eng Kéier dorobber higewisen hunn, a gesot hunn, dass et un der Conférence des Présidents wier, fir hei déi noutwendeg Décisiounen ze huelen.

Den 10. Oktober, Här President, ass dee Bréif dunn op den Ordre du jour vun der Conférence des Présidents komm, an do huet den Här Bausch nach eng Kéier eis Positioun erkläert. Do ass awer eng Diskussioun lassgaangen, wou ee sech am Nachhinein eigentlech just ka wonnen, well d'Conférence des Présidents hat jo e klaren Auftrag a si hat net den Auftrag nach eng Kéier Diskussioun vu vir un ze féieren. Do sinn awer da verschidde Positiounen op den Dësch komm, déi eng Leit ware fir eng Konventioun, sou wéi se an der Resolutioun festgehale gi war, aner Leit ware fir eng Kommissioun, déi sollt mat Expäre vu baussen zesummekommen, an nach drëtter wollten nëmmen ënnert den Deputierten déi Diskussioun féieren. Zumindest déi zwou lescht Positiounen, Här President, sinn erstaunlech, well dat huet näischt méi mat der Resolutioun Weiler vum Mee 2002 ze dinn.

Mir hunn dorops hin nach eng Kéier e Bréif gemaach un d'Conférence des Présidents, wou mer méi eng präzis Propos gemaach hunn, wéi d'Kompositioun vun deem Konvent kéint ausgesinn, an den 22. Oktober an der Conférence des Présidents ass déi Proposition rejetéiert ginn, an zwar vun der DP, der LSAP an dem ADR géint d'CSV an déi Gréng.

Wéi kënn et, dass déi Proposition konnt ofgelehnt ginn? Wéi kënn et iwwerhaupt, dass am Juli scho keng Bereitschaft vu verschiddene Fraktiounschefe méi do war, fir déi Resolutioun in Wort und Sinn ze exekutieren?

Et steet leider näischt am Procès verbal dodriwwer dran, och net an där Sitzung vum 22. Oktober, firwat déi Saach esou ofgelaf ass. Et gëtt och net gesot, dass iwwer aner Proposen diskutéiert gi wär, iwwer alternativ Modeller, wéi ee kéint virgoen.

Mir stellen eis wierklech do eng ganz Rei vu Froen: Firwat ass eis Propos en bloc ofgelehnt ginn? Wann ee sech un eenzelne Punkte stéiert, dann hätte jo kéinten Ännerungsproposen kommen oder Géigeproposen. Firwat war d'Diskussioun domadder beendegt, well et steet näischt am Procès verbal, dass d'Diskussioun géif fortgesat ginn?

Alles dat schéngt eis wierklech eng ganz gelungen Handhab vun deem Dossier. Mir hunn duerfir eng Resolutioun preparéiert, déi mir den 8. November schonn erageschéckt hunn, wou mer dra festhalen, dass d'Chamber seet, dass déi Aart a Weis vun der Conférence des Présidents contraire ass zur Décisioun vun der Plénière a wou

mer d'Conférence des Présidents géifen invitéieren, fir déi Konventioun endlech ze instituéieren. Dat natierlech esou, wéi et festgehale gi war ënnert der Egide vun der Chambre des Députés.

M. le Président. - Den Här Lucien Weiler huet nach d'Wuert gefrot. Här Weiler, Dir hutt d'Wuert.

M. Lucien Weiler (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Mini-Koalitioun, déi d'CSV mat deene Gréngen elo während e puer Wochen an engem Deelberäich, op engem Punkt, hei hat, fënnert haut hiert Enn. Net esou séier, wat de Fong ubelaangt, well mer eis do nach ëmmer eens sinn, mä awer wat d'Prozedur ubelaangt. Ech kann och net mat der Madame Wagener d'accord sinn, wa se seet, dass ech a menger Resolutioun vum Mee eng Iddi vun deene Gréngen opgegraff hat.

Ech hat en fait eng Iddi opgegraff - an et muss een, wann een éierlech ass, den Auteur och mam Numm benennen - vum honorablen Här Bisdorff, deen haut net méi bei eis ass. Hien hat am Dezember 2000 beim Budget eng Motioun hei erabuecht, déi mir zwar an där Form net wollten, mä wou mer awer sänggeméis mat deene Proposen aus der Motioun d'accord waren. Mir hunn déi Motioun dunn ëmgeännert als Majoritéit, déi vun alle Fraktiounen hei an der Chamber ënnerschrifwe gi war, wou mir eis fir en Zukunftsdësch ausgesprach haten. Eng Motioun, déi awer duerno, well se an d'Kommissiounen verwee ginn ass, keng Suité kritt huet.

Här President, déi Resolutioun, déi ech abuecht hat, huet sech ugelehnt un déi Motioun, mä se huet sech awer och ugelehnt zum Beispill un dat, wat d'Präsidentin vun der Demokratescher Partei op engem Kongress vun hirer Partei am Joer 2000 gefuerdert hat. Si huet sech ugelehnt un dat, wat d'Sozialisten an hirem Wahlprogramm stoen haten.

(Interruption)

Ech kann dat zitieren. Ech maachen dat och. Et huet sech ugelehnt un Iddien, déi déi Gréng an deem Beräich entwéckelt haten, an duerfir hat ech gemengt, dass mer eng gutt Iddi opgegraff hätten, fir iwwert d'Zukunft vum Land net nëmmen hei am Parlament als Parlamentarier eleng, mä dass mer eis zesumme mat enger Rei vun anere Participanten, notament verschiddenen Institutiounen, de Forces vives, Gewerkschaften, der Zivilgesellschaft, ONGen, an och Biergerinitiativen als gläichberechtigten Partner un en Dësch sëtze sollten an eis Gedanken iwwert d'Zukunft vum Land maache sollten.

Ech gi gären zou, dass wéi mer déi Resolutioun hei ofgestëmmt hunn, net all d'Fraktiounen sech eens waren iwwert dat, wat an der Resolutioun gestanen huet. Et stung nämlech dran, dass mir ënnert der Egide vum Parlament all déi Leit do conviéieren géifen, an dat war jo vun Ufank un e bëssen de Sträitpunkt, dee mer haten: Ginn dat gläichberechtigten Memberen hei an der Chamber an deem Konvent oder gi se als Invitéen eng Kéier heihinner geruff a kënnen hir Iddien dévelloppéieren, och nach schréftlech eraginn, an domat ass et da gehalen? Doriwwer huet, ginn ech gären zou, vun Ufank un en Dissens bestanen. Et muss een einfach haut festhalen, dass hei an der Chamber sech keng Majoritéit fënnert fir esou e Konvent.

(Interruption)

Jo, Madame Wagener, bis ewell gëtt et keen. Vläch gëtt et een um Enn vun där Debatt, mä ech muss lech soen...

Mme Renée Wagener (DÉ GRÉNG). - Et ass een am Mee ginn, soss wär déi Resolutioun net ofgestëmmt ginn. Do steet dat jo dran.

M. Lucien Weiler (CSV). - Jo neen! Neen, Madame Wagener, wann Der d'Debatt noliest, wéi mer déi Resolutioun hei gestëmmt hunn, do sinn a breeden Interventiounen, notament vum Här Rippinger, och vun de Säite vun de Sozialiste Froen opgeworf ginn, wéi dann dee Konvent effektiv sollt zesummegeesat ginn. Et war net kloer gestallt ginn an där Debatt, wéi déi Kompositioun géif ausgesinn. Dat muss ee fairerweis unerkennen. Dat war esou.

Vu dass et keng Majoritéit - an ech gesi keng - gëtt fir e Konvent, esou wéi mir e gesinn hunn, denken ech, dass mer missten d'Resolutioun stëmmen, déi mir abuecht hunn. Ech wëll lech soen, nach eng Kéier rappellieren, dass et Zil an Zweck vun eis war, dass net nëmme Politiker sollten an esou engem Konvent sëtzen, mä dass doranner och all déi, déi ech virdu schonn opgezielt hunn, an notament och d'Zivilgesellschaft, well ëmmer erëm d'Demande dobaussen do ass, fir kënnen als gläichberechtigten Partner un Délibératiounen, u Berodungen deelzehuelen, net un Décisiounen. Et gung net drëm, dass dee Konvent soll Décisiounen huelen. Dat war vun Ufank u kloergestallt.

(Interruption)

Ma selbstverständlech net!

Och déi Gréng, ech hunn ni erausheieren, dass déi Gréng gefuerdert hätten dee Konvent géif Décisiounen huelen, déi bindend fir eng Regierung oder fir dëst Parlament wäeren. Dat ass ni gefuerdert ginn.

(Interruption)

Ech hunn net eng eenzeg Fuerderung an deem Sënn gesinn an heieren. Et gung drëm, dass déi Leit sollten zesummen als gläichberechtigten Partner an engem Konvent hëllef mat proposéieren, Iddien entwéckelen, Strategien entwéckelen, wéi Lëtzebuerg net am Detail, mä op grousser Pistë sech sollt an deenen nächste Joren entwéckelen.

Dat war d'Iddi, déi hannendru gestanen huet. Selbstverständlech wär d'Décisiounsgewalt bei der Regierung a beim Parlament bliwwen. Duerfir hunn ech och net verstanen, wéi de Parteipresident vun der LSAP d'lescht Woch an engem Interview an der Revue gesot huet: „Beim Zukunftskonvent hätten die gewählten Volksvertreter das Sagen mit Anderen teilen müssen!“

Ma iwwerhaupt net, Här President. Ech hunn net een heieren, dee jee eng Kéier gefrot hat, dass hei d'Sagen geteilt muss ginn, dass déi Leit hei Décisiounsgewalt mat eis kréichen. Et war just, fir ze hëlfele ze beroden a fir bei deem, wat mir dann als Iddien hunn, och hiren Input mat eranzehuelen, dat zesummenzefaassen, an da wär et um Parlament an un der Regierung gewiescht, fir dat ëmzesetzen.

Här President, ech hunn ëmmer gemengt, an eis Fraktioun, dass eis als Parlamentarier keen Zack géif aus der Kroun falen, wa mir hei net nëmme Leit, wat mer schonn x-mol gemaach hunn, an allméigleche Konditiounen heihinner invitéieren, héiflech a fein mat e sinn, en och nach op eng héiflech Aart a Weis nolauscheren, da villmools merci soen a se erëm heemschécken, mä se hei gehat hätten an engem Gremium, an engem Konvent, wou se gläichberechtigten Partner gewiescht wäeren, fir mat eis eng Rei lwwerleungen unzestellen. Wéi gesot, da wär et un eis herno gewiescht, fir dat ze decidieren. En Zack wär eis net aus der Kroun gefall. Europa an den europäeschen Institutiounen, déi de Pouvoir hunn, ass och keen Zack aus der Kroun gefall, wéi se e Konvent an Europa

agesat haten. Esou wär et eiser Meinung no d'selwecht hei gewiescht.

Här President, dat gëtt et net, a virun allem muss ech lech soen, wonnert et mech och, dass d'Kollege Sozialisten hei esou Schwierigkeeten haten, fir op deem do Wee matzemaachen, wann ech liesen, wat am Wahlprogramm vun der sozialistescher Partei déi leschte Kéier stung. Ech zitieren: „Die Sozialisten wollen keinen autoritären Staat, sondern eine moderne Bürgergesellschaft, in der anfallende Probleme durch einen offenen Dialog und öffentliche Konsenssuche gelöst werden. Lebendige Demokratie lebt von der Bereitschaft der Bürgerinnen und Bürger zur aktiven Mitverantwortung und Mitwirkung.“

Aktiv Mitverantwortung an aktiv Mitwirkung ass hei ageklot ginn a proposéiert gi vun de Sozialisten am Wahlprogramm. Den Här Asselborn seet a sengem Interview: „Hier sind wir wieder beim Primat der Politik, das uns sehr wichtig ist. Das Parlament muss das, was die Zukunft des Landes betrifft, selbst ausarbeiten und durchziehen.“

Mir als Parlamentarier sinn also déi, déi d'Wourecht gepacht hunn. Mir müssen ausschaffen a mir müssen duerchzéien, a soss huet keen hei matzeschwätzen. Vun der aktiver Mitverantwortung an der aktiver Mitwirkung aus dem Wahlprogramm vun de Sozialiste mieren ech net vill.

Ech wëll soen, Här President, et ass jo spékuléiert ginn, dass dee Konvent hei eng grouss Affär an der Koalitioun wär. Ech muss lech soen: Et ass iwwerhaupt keng Affär an der Koalitioun! Dat hei ass eng Fro, déi stung net an eise Koalitionsaccord. Et war eng Iddi vun eis, d'Demokratesch Partei huet eng aner Opaassung doriwwer, awer et dreift eis nullement auserneen, well mer hei op engem Punkt, deen net an eise Koalitionsaccord war, keen Accord fonnt hunn.

Ech muss soen, mir sinn déck ze fridden, dass d'Regierung sech bereet erkläert huet - well där schéngt jo keen Zack aus der Kroun ze falen - am Conseil supérieur du développement durable, deen aberuff gëtt, all déi Leit als gläichberechtigten Partner an dee Conseil supérieur ze invitéieren an eranzehuelen, wou mir als Parlament refusieren dat ze maachen. Dofir hunn ech all Vertrauen, dass awer dat, wat mer en fin de compte ënnert dem Stréch hei wollte mat eiser Initiativ, zum Droe kënn, zwar net um Niveau vum Parlament, mä um Niveau vum deem Conseil, deen d'Regierung aberuffe wäert.

Dofir, Här President, well dat alles esou ass, proposéieren ech lech déi Resolutioun, déi ech an eise Numm abuecht hunn, ze stëmmen, well alles anescht, wat mer nach géife maachen, an notament och dat, wat déi Gréng hei an hire Resolutioun proposéieren, ass kale Kaffi.

(Interruptions)

Mir wëssen, dass dat do zu kenger Majoritéit féiere wäert, also solle mer elo net maache wéi wann a Window-dressing hei maachen. Dat Eenzege, wat geet, ass eis Resolutioun, esou wéi mer se abuecht hunn, an dofir géif ech bidden déi ze stëmmen.

M. Ben Fayot (LSAP). - Här Weiler, kann ech just eppes riicht stellen? Dir hutt vum europäesche Konvent geschwat. Dir wësst, dass am europäesche Konvent nëmmen Europadeputierten, Nationaldeputierten a Regierungsvertreder sinn. Dat ass den europäesche Konvent.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Den Här Krecké huet d'Wuert.